



Dépôt: GOERGEN Marc

Interpellation au sujet du Suicide au
Luxembourg

Lëtzebuerg, den 21/01/2021

6

Motioun

D'Deputéiertechamber stellt fest:

- dass Mënschen, déi sech an enger Liewenskris befannen oder duerch extern Aflëss eng Ausnamesituatioun duerchliewen, wéi zum Beispill duerch Iwwerscholdung oder de Verloscht vun der Aarbechtsplaz, engem erhéichte Risiko ausgesat sinn, suizidär Gedanken ze entwéckelen;
- dass och de Staat a seng Administratiounen als Creancier optriede kënnen;
- dass fréizäiteg Hëllefstellungen de Leidensdrock vu Persounen, déi mat Iwwerscholdung ze kämpfen hunn, senke kennen.

Aus dëse Grënn invitéiert d'Deputéiertechamber d'Regierung:

1. op all Rappell vun enger Facture an all Demande de payment, déi vun enger staatlecher Administratioun ausgestallt gëtt an e Montant vun 10.000 Euro oder méi ëmfaasst, op d'Méiglechkeet vun enger Iwwerscholdungsberodung ze verweisen.
2. beim Ausstelle vun titres exécutoires zousätzlech och Hiweiser op Ulafstelle bäizeleeën, déi Schuldner op engem emotionalen a psychologeschen Niveau duerch de Prozess vun der Scholdeberengung begleede kennen.

Marc Goergen

